N° 3834
Entrée le 02.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3834 vum 24. März 2026 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler zum Sujet “Absence prolongée de conseillers communaux sans excuse valable”.

1. Ass et richteg, datt d’”Loi communale modifiée du 13 décembre 1988” aktuell keng explizit Sanktioun virgesäit, wann e Member vum Gemengerot iwwer eng laang Dauer oder widerholl bei Gemengerotsëtzunge feelt, ouni eng valabel Excuse ze hunn?

Den Artikel 18 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 23. Dezember 1988 gesäit vir, dass ee Member vum Gemengerot, deen dräimol hannerteneen ouni legitim Ursach net um Gemengerot deelgeholl huet, als démissionnaire vum Minister kann déclaréiert gin. De Gemengerot muss d’Initiativ iwwerhuelen an dem Minister d’Démissioun proposéieren.

2. Wéi bewäert den Här Minister dës Situatioun am Hibléck op de gudde Fonctionnement vun de Gemengen an op d’demokratesch Vertriedung vun de Wieler·innen?

Et leie mir bis elo keng Informatioune vir, dass de gudde Fonctionnement vun de Gemengen duerch eng mangelnd Assiduitéit vun de Gemengerotsmemberen a Fro gestallt wier. Et schengt mir awer kloer ze sin, dat ee gewielte Kandidat, deen en kommunalt Mandat unhëllt, dat och mat dem néidegen Eecht ausübt.

3. Denkt den Här Minister driwwer no, d’Gemengegesetz unzepassen, fir eng gewësse Präsenzflicht fir Membere vum Gemengerot méi kloer z’encadréieren?

Ech wärt dat mam SYVICOL beschwätzen.

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden